



Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

M. Fernand Etgen, Président

2. 8069 – Projet de loi relative à l'accueil, à l'orientation, à l'intégration, à l'accompagnement scolaires des élèves nouvellement arrivés et à la création du Service de l'intégration et de l'accueil scolaires et modifiant :

1^o la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées ;
2^o la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. Gilles Baum

Discussion générale : M. Max Hengel (dépôt de la motion 1) | Mme Francine Cloesener | Mme Josée Lorsché | M. Fred Keup (interventions de M. Fernand Etgen, Président, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Josée Lorsché et M. Dan Kersch) | M. Mars Di Bartolomeo (parole pour fait personnel) (interventions de M. Fred Keup et Mme Josée Lorsché) | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8069 et dispense du second vote constitutionnel

Motion 1 : M. Gilles Baum

Vote sur la motion 1 (adoptée)

3. 8108 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 26 mars 1992 sur l'exercice et la revalorisation de certaines professions de santé

Rapport de la Commission de la Santé et des Sports : Mme Cécile Hemmen

Discussion générale : M. Marc Spautz | M. Gusti Graas | M. Marc Hansen | M. Jeff Engelen | Mme Nathalie Oberweis | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8108 et dispense du second vote constitutionnel

4. 8067 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 31 mars 1958 portant organisation des cadres de l'administration gouvernementale

Rapport de la Commission de la Fonction publique : M. Gusti Graas

Discussion générale : Mme Diane Aehm | M. Dan Biancalana | Mme Josée Lorsché | M. Fernand Kartheiser | Mme Myriam Cecchetti | M. Marc Goergen

Prise de position du Gouvernement : M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8067 et dispense du second vote constitutionnel

5. 8182 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative au droit de requérir de la part du Gouvernement des informations et des documents

8244 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la vérification des pouvoirs

p. 07

p. 07

p. 15

p. 20

8245 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la discipline

8246 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la police de la Chambre des Députés

8247 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés introduisant une série de modifications techniques

8248 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux travaux parlementaires

8249 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative au registre de transparence et au code de conduite des députés luxembourgeois en matière d'intérêts financiers et de conflits d'intérêts

p. 21

Rapport de la Commission du Règlement sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8182 : M. Roy Reding

Rapport de la Commission du Règlement sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8244 : M. Léon Gloden

Rapport de la Commission du Règlement sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8245 : M. André Bauler

Rapport de la Commission du Règlement sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8246 : M. Roy Reding

Rapport de la Commission du Règlement sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8247 : M. Mars Di Bartolomeo

Rapport de la Commission du Règlement sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8248 : M. Mars Di Bartolomeo (intervention de M. Marc Spautz)

Rapport de la Commission du Règlement sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8249 : Mme Josée Lorsché

Discussion générale : M. Léon Gloden | M. Guy Arendt | M. Mars Di Bartolomeo | M. Roy Reding | M. Fernand Kartheiser | M. Sven Clement

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8182

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8244

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8245

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8246

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8247

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8248

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8249

Au banc du Gouvernement se trouvent : Mme Paulette Lenert, Vice-Première Ministre ; M. Claude Meisch et M. Marc Hansen, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 09.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Fernand Etgen, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Marc Hansen, Ministre | Nee, dat ass net de Fall, Här President.

2. 8069 – Projet de loi relative à l'accueil, à l'orientation, à l'intégration, à l'accompagnement scolaires des élèves nouvellement arrivés et à la création du Service

de l'intégration et de l'accueil scolaires et modifiant :

1^o la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées ;

2^o la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental

M. Fernand Etgen, Président | Mir fänken d'Sitzung vun de Moien u mam Projet de loi 8069 iwwert d'Afëiere vun engem Integratiouns- an Empfangsservice an de Schoulen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert kritt elo direkt de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

M. Gilles Baum (DP), rapporteur | Merci fir d'Wuert, Här President. Wann een hei uewe steet an et ass ee Rapporteur vun engem Gesetz, da kënnt et emol vir, dass ee mengt, säi Gesetz, dat wier elo wierklech dat allerwichtigst. An ech muss Iech soen: Dat Gesetz, iwwert dat mer elo schwätzen, ass mir ganz, ganz wichteg. Et läit mir um Häerz, well et geet ëm d'Integratioun vun den auslännesche Kanner an eisem Schoulsystem. Et ass en Thema, wat ech an all deene Joren, wou ech am Beruff war, matgemaach hunn, doriwwer kéint ech stonnelaang mat Iech debattéieren. Ech wäert dat awer elo net maachen, ech wäert probéieren, mech

kuerzefaassen, well mer dës Woch scho vill um Programm haten an och weiderhin nach vill um Programm hunn.

Säit dem Enn vum 19. Joerhonnert ass d'Immigratioun, also de Fait, dass Leit op Lëtzebuerg wunne kommen, dass Leit op Lëtzebuerg schaffe kommen, e soziologescht Element aus eiser Geschicht. D'Aschoulung vun den auslännesche Kanner ass ganz enk verbonne mat der Geschicht vun dem Lëtzeburger Schoulssystem, dee sech stänneg enger ëmmer méi grousser internationaler Diversitéit upasse muss.

Obschonn och schonn an der Vergaangenheet eng ganz Rei Mesüren a konkreet Moossname geholl gi sinn, fir d'Integratioun vun den auslännesche Kanner an eise Schoulen ze vereinfachen an ze verbesseren, waren der vill vun deene Mesüren net reglementéiert. Erlaabt mer op dëser Plaz awer e kleng geschichtleche Réckbléck:

Wéi gesot, Lëtzebuerg war ab dem Enn vum 19. Joerhonnert en Immigrationsland. A lues a lues, mat der Zäit ass et e Land ginn, wou Leit aus aller Häre Länner beieneen an nienteneen gewonnen, gelieft a geschafft hunn. Ab de 50er- a 60er-Jore bis zum Pétrolesschok 1973 huet virun allem d'Siderurgie e ganz groussen Deel vun eise Rächtum uitgemaach an natierlech och en Deel Main-d'oeuvre gebraucht.

Eis ekonomesch Entwécklung ass also Hand an Hand gaange mam Fait, dass Leit aus dem Ausland bei eis schaffe komm sinn, well mer eebe Main-d'oeuvre an der Siderurgie, awer och an der Landwirtschaft gebraucht hunn. Méi spéit hu mer déi Leit gebraucht am Finanzwiesen, am Bau, wou mer wëssen, dass déi meescht Leit aus Portugal kommen.

Säit der Stolkris an de 70er-Jore hunn déi successiv Regierungen probéiert, d'Land op dem ekonomesche Plang méi breet, méi diversifizéiert opzestellen, fir net nëmme vun engem Secteur ofhängeg ze sinn. Nieft dem Bankesecteur an der Industrie gëtt hautdesdaags och vill op Hightech an op Recherche gesat. An och do, och an deene Beräicher brauche mer den Knowhow, brauche mer d'Kompetenze vu Leit, déi aus dem Ausland kommen.

Mir wëssen alleguer, dass an enger éischter Phas Familljen aus Italien op Lëtzebuerg schaffe komm sinn an och hir Kanner mat an d'Schoule bruecht hunn. A verschiddener vun deene Kanner oder souguer Kandskanner sëtze souguer haut bei eis an der Chamber.

(Interruption)

No der Revolutioun a Portugal koume vill portugisesch Famillje mat hire Kanner op Lëtzebuerg wunnen a schaffen. An et dierf een net vergiessen, dass och mat den europäeschen Institutiounen um Kierchbiere vill aner europäesch Natiounen de Wee an eist Land fonnt hunn an och zum Deel an eise Schoulssystem.

De Balkankrich Enn den 90er-Jore huet eis virun eng nei Erausforderung gestallt, well vill Famillje mat hire Kanner aus Exjugoslawie bei eis wunne komm sinn. An och de massiven Afflux vu Leit aus Syrien, dem Irak an dem Afghanistan ab 2015 huet eise Schoulssystem virun nei Defie gestallt, well mir hei am Land mat deene Sproocher vun de Leit aus deene Länner, déi ech elo opgezielt hunn, awer net esou familiariséiert sinn, wéi mer et mëttlerweil zu Lëtzebuerg mat der italieenescher Sprooch a besonnesch mat der portugisescher Sprooch sinn. Vill vun de Leit aus deene Länner, déi ech elo opgezielt hunn, kennen eist Alphabet net a waren och vläicht ni an enger Schoul.

Mir wëssen alleguer: Mam Ufank vum Krich an der Ukrain si weider Leit mat hire Kanner, weider Flüchtlingen op Lëtzebuerg komm. An och si wëlle mer

esou gutt wéi et geet an eis Gesellschaft integréieren. An dat geet natierlech am beschten iwwert d'Schoul.

Dat si vill Defien, déi ganz vill Asaz verlaangen. An ech wëll op dëser Plaz emol eng Kéier allen Enseignanten an awer och allen Educateuren an Educatrices e grouss Merci soen, déi sech ëm dës Kanner en particulier, awer, ech mengen, ëm all eis Kanner an der Schoul ganz gutt bekëmmern. De Lëtzeburger Schoulssystem spillt nämlech eng zentral Roll, fir deene jonke Mënschen eng fair Chance ze ginn, fir sech hei am Land ze integréieren, fir sech hei am Land eppes opzebauen a fir hei am Land ze reusséieren.

Am Joer 2022 huet Lëtzebuerg 645.000 Awunner gezielt, dovunner 47 % ouni Lëtzeburger Pass. Déi meescht auslännesch Matbierger kommen aus Portugal, Frankräich, Italien, der Belsch an Däitschland. Ronn 4.000 Kanner a Jugendlecher kommen all Joer mat hiren Elteren op Lëtzebuerg an integréiere sech hei an eise Lëtzeburger Schoulssystem.

Och wann d'Regierung seit der Kreatioun vun den éischte Classes d'accueil an de 60er-Jore vill Efforten am Beräich vun der Integratioun ënnerholl hunn, sou muss een awer feststellen, dass d'Orientéierung vun den auslännesche Schüler haut nach vill ze oft au cas par cas, also ouni strukturéiert Demarche, geleist gëtt. Déi responsabel Acteure konnte bis ewell relativ fräi entscheiden, a wéi eng Klass d'Kand orientéiert ginn ass a wéi eng Zort Ënnerstëtzung et kritt huet.

Dobäi wësse mer mëttlerweil awer, dass eng ganzheetlech, eng holistesche Prise en charge vun den Elèves primo-arrivants ausschlaggebend ass fir hir schoulesche Reussite. Virun allem den Iwwergang vun der Grondschoul an de Secondaire oder d'Transitioun vun enger Integratiounsklass an eng regulär Klass erfordere eng intensiv Begleedung duerch professionell Acteuren.

E Wuert nach iwwer eis Sproochesituatioun hei am Land: Déi aktiv Populatioun – dat heescht, do sinn och déi Leit dran, eis Frontalieren, déi all Dag op Lëtzebuerg schaffe kommen – besteet haaptsächlech aus Leit, deenen hir Mammesprooch net Lëtzebuergesch ass. 78 % vun de Leit op der Schaff schwätze Franséisch an d'Aarbechtsëmfeld gëtt ëmmer méi multilingue. 25 % vun de Leit musse souguer véier Sproocher beherrschen. Déi englesch Sprooch ass mëttlerweil predominant am Bankewiesen an an der Economie. Sou geet et aus den Zuele vun Statec ervir. De Phänomen vun der Globalisatioun mécht aus eise Land eng Plaque tournante vun der linguistescher a kultureller Diversitéit.

Mee dës Villfalt un Nationalitéiten, Sproochen a Kulture stellt eis Schoul natierlech oft viru grouss Defien! Ass eise Schoulssystem gutt opgestallt, fir allegueren déi nei Leit ze empfänken? A kënnen mer deene Kanner, kënnen mer deene jonke fair Chancen op e gudden Diplom an eng gutt Ausbildung ginn? Genau mat dëser Fro huet sech den drëtten Nationale Bildungsbericht befaasst, deen d'Uni Lëtzebuerg zesumme mam SCRIPT am Joer 2021 virgestallt huet. Et wollt een ënner anerem erausfannen, wéi een Afloss d'Schoul op d'Entwécklung vun de sozialen Inegalitéiten hei am Land huet an ob et eventuell Schwächen an eise Schoulssystem gëtt.

D'Resultater vun dëser Analys hu kloer gewisen, dass de sproochlechen an de sozioekonomesche Kontext vun de Schüler haut nach ëmmer en entscheidenden Afloss op de schoulesche Parcours vun deene Jonken huet. D'Performance vun de Schüler, déi weeder Lëtzebuergesch nach Däitsch doheem schwätzen an déi aus sozial méi benodelegte Famillje stamen, huet sech ausserdeem par rapport zum leschte Bildungsbericht vun 2018 net verbessert, si huet sech

verschlechtert. Wat speziell d'Compréhension écrite am Däitschen ubelaangt, hu sech d'Resultater vun de Kanner, déi doheem Lëtzebuergesch schwätzen oder aus ekonomesch méi aiséierter Famillje kommen, iwwert déi dräi lescht Joer verbessert, während sech d'Performance vu Kanner aus méi einfache Verhältnissen verschlechtert huet.

Den drëtten Bildungsbericht weist deemno ganz kloer, dass mer nient de besteeënde Mesüren a Strukturen nach zousätzlech Moossname mussen ergreifen, fir géint d'Inegalitéiten an der Schoul virzegoen.

Mir dierfen net vergiessen, dass Familljen, déi nei op Lëtzebuerg kommen, mat enger ganzer Rei vun diversen Defie confrontéiert sinn. Dat ass emol d'Sich no enger Wunneng, d'Sich no enger Aarbecht, vläicht de Kaf vu Miwwelen, vun engem Auto, eng ganz Rei administrativ Demarchen an natierlech den Encadrement an d'Aschoulung vun hire Kanner.

Vill Eltere fille sech heiansdo iwwerfuert an hunn net déi néideg Zäit, fir sech e Gesamtbild ze maachen iwwert dat, wat de Lëtzeburger Schoulssystem unzibidden huet. De Choix fällt da meeschtens op déi Schoul a Betreieungsstruktur, déi am nooste bei der Wunneng oder der Aarbecht vun den Eltere läit, an net op déi Struktur, déi vläicht am beschten op d'Besoinen, d'Kompetenzen an d'Wënsch vum Kand ageet.

Fir den Eltere bei dëser wichteger Entscheedung ënner d'Äerm ze greifen an hire Kanner déi beschméiglech Bildungschancen ze bidden, hunn d'Auteure vum Bildungsbericht zu der Kreatioun vun engem Service ressource am Beräich Accueil an Integratioun opgeruff. A genee dat, genee esou eng Struktur setze mer elo mat dësem Gesetzesprojet en place.

Fir déi Kolleegen an déi Kolleginnen, déi sech fir d'Thematik vun der Integratioun interesséieren an och e bësse fir den historiesche Kontext: Déi kënnen dat ganz gären am Exposé des motifs noliesen.

Här President, Kolleginnen a Kolleegen, mam virleiende Projet de loi schafe mer eng legal Basis fir eng holisteschen an differenziéiert Prise en charge vun alle Kanner, déi nei an eist Land kommen. Heimat ginn déi verschidden Etappen a Moossname fir eng gelonge schoulesche Integratioun an déi verschidde Lëtzeburger Schoulen, sief dat de Fondamental, sief dat de Lycée oder sief dat d'Centres de compétences, reglementéiert, fir de Kanner en adequaten Accueil, eng richteg Orientéierung an déi passend Ënnerstëtzung fir hir Integratioun an eis Schoul unzibidden. D'Zil heivunner ass et, den Impakt vun de soziokulturellen Originen vun de Kanner op hire schoulesche Parcours zu Lëtzebuerg esou gutt et geet ze miniméieren.

Mat dësem Projet de loi schafe mer e Guichet unique fir den Empfang an d'Prise en charge vun alle Kanner, deenen hir Famillj nei an d'Land kënnt: de Service de l'intégration et de l'accueil scolaires, kuerz SIA genannt. Dëse Guichet bitt den Elteren an hire Kanner all Informatiounen iwwert d'Offere vum Lëtzeburger Schoulssystem souwéi iwwert déi nonformal Bildung gradewéi d'Hëllefsmoossnamen, déi een am Lëtzeburger Schoulssystem ka kréien. Unhand vu verschiddenen Tester an Entretenen erstellt de SIA en Dossier iwwert déi individuell Situatioun vum Kand, dat natierlech am Accord mat de Leit, déi d'Autorité parentale ausüben – dat si jo meeschtens d'Elteren –, oder et kann awer och emol sinn, dass mer e groussjäreg Schüler do derbäi hunn.

No der Kreatioun vun dësem Dossier bitt de SIA den Elteren an de Schüler e Projet d'accueil un, deen de beschgtëeegente Schoulparcours fir d'Kand oder de Jonke festleet an eventuell Hëllefsmesüren am Alldag ubitt. An deem Kader kënnen zum Beispill Cours

d'appui a vereenzelte Fächer, d'Participatioun un engem Cours d'accueil oder d'Aschoulung an enger Classe d'intégration pour élèves nouvellement arrivés proposéiert ginn.

Dëse Projet d'accueil ass en Dokument, wat zesumme mat der Schoul ausgeschafft gëtt, dem Lycée oder dem Centre de compétences, wou d'Kand oder dee Jonken higeet, a baséiert sech op seng Interessen, seng Besoinen, dat, wat e scho weess a wat e scho kann, seng Kompetenzen, awer och op dat, wat d'Eltere mengen, wat dat Beschit fir hiert Kand wär. Dëse Projet begleet d'Kand an de Jugendleche bis zum Enn vun der Integratiounsphas, déi maximal zwee Joer dauert. Spéitstens nom Enn vun dëser Phas soll d'Kand ouni weider Mesuren an eng regulär Schoukllass kënnen goen.

Wichtig ze erwänen ass, dass d'Orientéierungs- an Hëllefsmesure vun dësem Projet de loi fakultativ sinn. D'Eltere respektiv de volljäreg Schöler kënnen fräi wälen, ob si dovunner Gebrauch maache wëllen oder net. Ausserdeem kann de Projet d'accueil aus dem Dossier vum Schöler zu all Moment opgeléist ginn. An ëmgedréint besteet och d'Recht op eng Prise en charge an e Projet d'accueil. Während zwee Joer, wou d'Kand am Land ass, kann deen nach ugefuerdert ginn, wann en net direkt gemaach ginn ass.

Niewent enger individueller Prise en charge proposéiert de SIA och eng enk Begleedung während den éischten zwee Joer. Dat wat d'Kand an der Schoul bäléiert, gëtt reegelméisseg a sengem Projet d'accueil evaluéiert, fir dass d'Kand sech gutt an eise Schoulsystem integréiere kann an dass et progresséiere kann. Dëse Projet d'accueil kann zu all Moment ugepasst ginn, fir dem Kand déi optimal Ënnerstëtzung unzébieden an zoukommen ze loossen.

Als neie Service begleet de SIA souwuel d'Schoulen am Fondamental an am Secondaire wéi och d'Centres de compétences an hirer Missioun, fir d'Kanner optimal an eise Schoulen ze integréieren, a baut e Réseau vu Professionellen am Beräich Accueil a schoulesch Integratioun op.

(Interruption)

De SIA soll d'Schoulen och bei der Promotioun vun der Interkulturalitéit ënnerstëtzen, dat zum Beispill bei der Organisatioun vu pedagogesche Projeten an am Kader vun der Mediation. Innerhalb vum SIA gëtt et e Conseil consultatif, deen als Aufgab huet, d'Entwécklungen an d'Besoinen am Beräich Accueil an Integratioun ze suivéieren.

Zu gudder Lescht wëll ech nach kuerz op d'Avis vum Staatsrot, der ASTI an der Staatsbeamtekummer agoen.

Souwuel d'ASTI wéi d'Staatsbeamtekummer begréissen d'Aféierung vum neie SIA a sinn der Meinung, dass dëse Service eng reell Plus-value fir den Accueil an d'Integratioun vun auslännesche Schöler duerstellt. Si begréissen, dass Familljen, déi nei op Lëtzebuerg kommen, an Zukunft vun Ufank un eng enk Begleedung proposéiert kréien an iwwert de vaste Choix vun eiser Bildungslandschaft informéiert ginn.

D'ASTI lueft ausserdeem, dass déi nei Approche zu méi Bildungsgerechtegkeet an eise Schoule féiert an dass d'Eltere méi Responsabilitéit iwwert de schoulesche Prozess (veuillez lire: de schoulesche Parcours) vun hirem Kand kréien. D'Staatsbeamtekummer begréisst dann och nach, dass d'Integratiounsperiod vun de Schöler op zwee Joer limitéiert ass, mam Zil, déi Jonk esou schnell wéi méiglech an den normale Schoulsystem ze integréieren.

De Staatsrot hat a sengem éischten Avis eng Rei Opposition-formellen, déi mer no den Amendementen vum Educatiounsministère nees opgehuewen hunn.

Wéi gesot, fir weider Detailer verweisen ech op de Rapport. An ech wëilt op dëser Plaz awer ganz gären dem Här Reding an dem Här Assua e grouse Merci soen, déi eis während der ganzer Zäit, wou mer un deem Projet hei geschafft hunn, begleet hunn. E grouse Merci hinnen!

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech sinn haut wierklech houfreg, Rapporten vum dësem wichtige Gesetz därefen ze sinn, mat deem mir eis éffentlech Schoulen an eis Lycéeën nach méi kulturell a sozial gerecht maachen. Mat faire Start- a Bildungschancé garantéiere mir, dass all Kand an all Jonken zu Lëtzebuerg an der Schoul ka reusséieren, egal wat seng Originne sinn an egal wat fir eng Sproochen dass en doheem schwätzt. Déi nei strukturéiert an holistisch Approche am Beräich vum Accueil an der Integratioun erlaabt eis, dem Schöler mat engem Migratiounshannergrond eng méi konsequent Ënnerstëtzung, eng méi passend Orientéierung an e méi individuelle Suivi ze offréieren.

Ech soen Iech Merci, dass Der mer nogelasscht hutt, an ech ginn zu dësem Moment och schonn den Accord vun der DP-Fraktioun. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Gilles Baum.

Den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Max Hengel. Här Hengel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Max Hengel (CSV) | Ech sinn e bësse méi grouss wéi den Här Baum, dofir muss ech d'Pult e bëssen eropmaachen.

(Hilarité)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, merci dem honorabelen Gilles Baum fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. Dat mécht engem et duerno scho méi einfach, da kann een awer esou munches ewechloossen. E war effektiv ganz, ganz ausféierlech.

Ech wëll awer och den Auteure vum Projet de loi, esou wéi en deposéiert gouf, villmools Merci soen, well, den Här Baum huet et och gesot, am Exposé des motifs ass wierklech e ganz ausféierlechen Historique vu 60 Joer Educatiounspolitik, verbonne mat deem groussen Challenge vun der Integratioun vu Kanner a Jonken, déi eréischt kierzlech hei am Land ukomm sinn. Ech wëll awer och en ofschléissende Merci un de Claude Feyereisen aus der Fraktioun schécke fir seng Ënnerstëtzung beim Ausschaffe vu menger Ried.

Ech mengen, jidderee vun eis huet am Laf vu senger schoulescher Karriär Kanner begéint, déi eréischt kierzlech hei am Land ukomm waren an der Sprooch net mächtig waren. Ech war Mëtt den 80er-Joren an der Primärschoul. Et ass och een op der Tribün, deen ech och do an där Zäit begéint hunn: den Här Reding. An ech hat och e Kolleeg an der Klass, deen eréischt kierzlech mat sengen Elteren aus Portugal ukomm war. Weeder hien nach seng Elteren hunn eis Sprooch geschwat a si hu se souguer och emol net verstanen. A vun dohier war de schoulesche Parcours vu virera schonn net ganz einfach.

Wéi an deene meeschte Fäll hunn och deemools seng Elteren allen zwee de ganzen Dag misse schaffen, fir eng Chance ze hunn, am Grand-Duché Fouss ze faassen. An domat war weider keen do, deen hie konnt encadréieren an deen him bei den Hausaufgaben konnt hëllefen. Hien ass ëfters emol mat bei eis heemkomm a mir hu probéiert, zesummen Hausaufgaben ze maachen, woubäi et dann am Ufank awer och guer net einfach war mat der Kommunikatioun,

well mat siwe Joer war mäi Portugisesch och elo net esou ganz fléissend.

(Hilarité)

D'Konsequenz war, dass mäi Kolleeg am Schoulsystem duerchgereecht ginn ass, obwuel et e mega kompetenten a clevere Bouf war. Et ass immens schued. Ech kann Iech awer berouegen: Hien huet duerno säi Wee fonnt an och säi Wee gemaach an et ass haut e glécklechen an zefriddene Mënsch. Hien hätt awer wuel nach ganz aner Méiglechkeete gehat, wann de Schoulsystem hie besser hätt kënnen opfänken.

Dowéinst ass d'Zil vum Projet de loi, iwwert dee mir haut hei diskutéieren, richteg a wichteg, zemoos wann ee weess, dass all Joer 2.000 nei Schöler an der Grondschoul ukommen an 2.000 weiderer am Secondaire. Nei Schöler selbstverständlech, déi eréischt rezent hei am Land ukomm sinn; op déi ganz Detailer ass de Gilles Baum jo och a sengem Rapport agaan, soudatt ech dat net muss maachen. En huet och weider Detailer erzielt, mee ech wëll awer just e puer Punkten nach eng Kéier eraussträchen.

Ech mengen, mat deem Gesetz hei gëtt eng legal Basis fir d'Accueilmesure fir d'Élèves nouvellement arrivés geschafft. Et gëtt e Service de l'intégration et de l'accueil scolaires, SIA, geschafft, deen dem Educatiounsministère ënnersteet, an et gëtt eng Prise en charge systématique fir d'Élèves nouvellement arrivés agefouert. De SIA proposéiert de Schöler, déi frësch am Land ukomm sinn, Moosnamen an de Beräicher vum Accueil, der Orientatioun, der Integratioun an der Begleedung an der Schoul. All Schöler kritt eeben och en individuelle Projet d'accueil, deen en appropriéierte schoulesche Parcours soll opzeechen an deen och eventuell Hëllef virgesäit am Schoulalldag. Donieft bitt de SIA och eng Prise en charge individuelle mat engem noe Suivi.

Déi concernéiert Schöler kënnen dann zwee Joer vun dëse Mesure profitéieren, fir da fit ze sinn, fir am Schoulsystem eens ze ginn. An dëst ass e ganz wichtige Punkt, dofir deposéieren ech dann och eng Motion wannechgelift.

Motion 1

La Chambre des Députés,

– *considérant que le système éducatif luxembourgeois est marqué par l'hétérogénéité sociale, linguistique et culturelle de ses élèves ;*

– *considérant qu'annuellement quelque 4.000 enfants, adolescents et jeunes adultes intègrent le système éducatif luxembourgeois au cours de leur parcours scolaire ;*

– *considérant que le projet de loi vise à améliorer et à systématiser les mesures d'accueil et d'intégration scolaires ;*

– *constatant que le suivi de tout élève « nouvellement arrivé » – d'après la définition du projet de loi – dans les écoles et lycées est assuré pendant deux ans,*

invite le Gouvernement

– *à procéder, dans un délai de trois ans*

• *à une évaluation globale du dispositif pour l'accueil et l'intégration scolaires des élèves « nouvellement arrivés » ;*

• *à une évaluation spécifique du niveau d'intégration qu'ont atteint les élèves « nouvellement arrivés » un an après la fin de leur prise en charge,*

– *à présenter, le cas échéant, des propositions d'adaptation du dispositif afin d'améliorer la prise en charge des élèves concernés.*

(s.) Max Hengel, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Martine Hansen, Marc Spautz.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Hengel.

M. Max Hengel (CSV) | Kolleginnen a Kollegeen, dëst ass wierklech bal de kruziale Punkt vun dësem Projet. Dofir deposéieren ech eeben déi Motioun fir ze soen, datt mer sollten no dräi Joer eng Evaluatioun maachen, well da sinn d'Schüler jo zwee Joer duerch d'Mesüre gelaf a si waren ee Joer am System dran, soudatt een an dräi Joer kéint gesinn, wéi fruchtbar et ass, an noutfalls eebe kéint upassen. Well ech mengen, et klénkt um Pabeier gutt a mir wäerten de Projet och matstëmmen, mee et ass eis awer och wichteg, datt da wierklech gekuckt gëtt, ob déi Mesüeren och wierklech gräifen oder ob ee muss upassen. An ech wär frou, wann déi Motioun da géif eng breet Ënnerstützung kréien.

Une voix | Très bien!

M. Max Hengel (CSV) | De SIA gëtt doriwwer eraus, fir nach eng Kéier drop zrëckzekommen, och e Service ressource fir d'Grondschoulen, d'Lycéeën an d'Kompetenzzentren. A laut den Auteurs vum Projet ass de SIA och eng Reaktioun op ganz vill Recommendatiounen, déi vu bannen a vu bausse komm sinn, wat nach wichteg wär, wat eng richteg Fërderung wär fir eise Schoulsystem.

De Staatsrot war an engem éischten Avis e bësse méi kritesch. En huet eng Rei Remarque gemaach an och Opposition-formellen, notament wat d'Definitiou vum „élève nouvellement arrivé“ ass. Doropshi gouf et eng ganz Rei vun Amendementen, soudatt de Staatsrot a sengem zweeten Avis keng Oppositioun méi hat.

De Gilles Baum ass och schonn op den Avis vun der ASTI agaangen, déi generell zeifriden ass, well den Accueil eebe vu deene Schüler via Gesetz strukturiert gereegelt gëtt, Lëtzebuerg sech och domadder selwer als ...

(Interruption)

... Immigrationsland gesäit an de Projet de loi d'Interkulturalitéit als een zentraalt Element vun eisem Schoulsystem gesäit. D'ASTI bedauert awer, datt eeben de Succès vum Accueil a vun der Integratioun vun dese Schüler ofhängeg ass vum Engagement vu villen Acteuren, Enseignanten, Lycéesdirekteren, Elteren, Gemengen.

An dësem Kader wëll ech och wierklech nach eng Kéier drop agoen – den Här Baum huet et och gemaach –: Et ass an der Vergaangenheet scho ganz vill ganz gutt Aarbecht geleescht ginn. D'Leit um Terrain hu ganz vill geschafft fir ze probéieren, déi Schüler wierklech gutt mat duerchzehuelen. An dofir wëll ech hinne Merci soen.

Sou, ech mengen, ech kann elo relativ gutt ofkierzen, well meng Zäit ass och schonn souwäit ofgelaf. Ech hat zwar nach d'Motioun, dat heescht, ech hunn nach e bësse Wach.

Ech wëll nach op ee Punkt agoen, wat den Här Baum och gesot huet: Am Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics seet si sech averstanen, datt déi Integrationsperiod vum Schüler maximum zwee Joer soll daueren, freet sech awer zäitgläich, ob et duergeet. Dat heescht, och dat ass erëm eng Kéier en Argument fir eis Motioun, fir ze soen: Kommt, mir kontrolléieren et, ob et och wierklech duergeet. Am Noutfall passe mer dat dann un.

Ofschlëssend soen ech Iech da Merci fir d'Nolauschteren. Ech ginn och den Accord vun der CSV-Fraktioun. Ech muss mech awer entschëllegen, datt ech relativ séier elo fort muss – wann nach Remarken zur Motioun kommen, wäert d'Madamm Hansen dofir fir eis Fraktioun Stellung bezéien.

Ech soen Iech Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Hengel. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

Mme Francine Closener (LSAP) | Merci, Här Präsident. Merci dem Rapporteur Gilles Baum fir seng ausféierlech Explikatiounen. Bildungspolitik muss den Utsproch hunn, fir Chancégerechtkeet ze schafen. Zeg Etüde weisen awer, datt dat zu Lëtzebuerg trotz allen Efforten net respektiv nach net de Fall ass. A grad Schülerinnen a Schüler mat auslänneschen Originnen hu ganz dacks méi Schwierigkeeten an der Schoul wéi Lëtzeburger Kanner. Zwee Drëtter vun de Kanner, déi haut ageschoult ginn, schwätze kee Lëtzeburgeresch doheem. A wann d'Kanner och nach aus engem defavoriséierte Milieu kommen, sinn déi schoulesch Schwierigkeete virprogrammiert.

Eis Méisproochegkeet ass eisen Atout a mir müssen alles drusetzen, fir se ze erhalen. Dat bedeit awer, datt mer u ganz vill Schrauwe müssen dréinen, fir der Hyperdiversitéit vun eiser Schülerpopulatioun Rechnung ze droen, zemoos well déi Diversitéit jo éischter nach zou- wéi ofhuele wäert. De Schoulsystem kann also net beim Status quo bleiwen.

An de leschten zéng Joer huet d'Regierung d'Bildungs-offer considerabel ausgeweit mam Zil, wa méiglech alle Kanner a Jonken e Bildungswee unzëbieden, dee bei se passt. Ech denken u d'Europaschoulen, natierlech, déi jo ganz vill Zoulaf hunn. Wann ech richteg verstanen hunn, ass d'Evaluatioun vum Unterrecht virum Enn vun der Summervakanz awer net disponibel, wat natierlech schued wier.

Vill Familljen, déi nei an d'Land kommen, wëssen awer net gutt Bescheid, wéi déi schoulesch Offer ausgesäit. Ganz ofgesi vun deenen neien agreeéierten Europaschoulen ass déi ganz Offer jo och wierklech net einfach ze verstoen, mat all deenen neie Sektouren zum Beispill, mat den ënnerschiddleche Perspektiven a Méiglechkeeten. Och d'Lëtzeburger Elteren a Schüler hu schonn heiansdo Problemer, fir dat alles ze verstoen.

Dofir spillt fir eis als LSAP d'Orientéierung eng zentral Roll, fir d'Kanner an hir Familljen individuell begleeden ze kënnen. An dofir begreisse mer natierlech dese Gesetzesprojet! Dat ass kloer. Déi nei Administratioun SIA soll d'Prise en charge vun alle Schülerinnen a Schüler, déi nei an d'Land kommen, verbessern. Si gëtt restrukturiert. Mee och déi individuell Betreieung an Orientéierung soll also opgewäert ginn. Dat begreisse mer zu 100 %.

Mam Projet d'accueil kritt déi individuell Begleitung e kloer Kader. Et ass och positiv ze bewäerten, datt déi verschidde concernéiert Acteuren – Elteren, Enseignanten, sozioedukatiivt Personal – an d'Prozedur matagebonne ginn. Och de Guichet unique ass ganz kloer eng gutt Saach. Woubäi natierlech och schonn eng Maison de l'orientation existéiert, déi an de leschte Jore jo och vill Moyene krut, och opgestockt gouf. Fonctionéieren déi zwou Strukturen, also d'Maison de l'orientation an de Guichet unique vun dem SIA, mateneen? Wa jo, wéi gesäit dat konkret aus? Dat géif eis interesséieren.

Dann ass natierlech all Initiativ, all Gesetz nëmmen esou gutt wéi d'Ressourcen, déi fir d'Ëmsetzung zur Verfügung gestallt ginn. Gëtt et där genuch? Mir kenne jo d'Problemer vun der Penurie am Enseignement an och am sozioedukative Beräich. Ass de Secondeaire ekipéiert?

D'Begleitung soll – an dat ass schonn e puermol ugeschwat ginn – just zwee Joer daueren. Wat geschitt duerno? Wat geschitt, wann e Kand aus ënnerschiddlechen Ursaache méi laang brauch an nach

net prett ass fir eng normal Klass, fir den normalen Unterrecht?

An dann nach eemol zrëck zu den Europaschoulen, wou den Observatoire de la qualité scolaire jo festgestallt huet, datt d'Kanner, déi do opgeholl ginn, e relativ héije sozioekonomesche Status hunn. Wéi wëllt de Ministère sécherstellen, datt déi Schoulen och an Zukunft fir all Kanner accessibel sinn a bleiwen – aus alle Gesellschaftsschichten? Sinn d'Critères d'admission transparent genuch? A wat ass mat der Berufsausbildung? Déi gëtt et do jo nach net. Ass dat awer ugeduecht?

Här President, d'LSAP begrësst, datt an dësem Gesetz verankert gëtt, datt all schoufflichteg Kand, dat an d'Land kënnt, e Recht op d'Mesures d'accueil et d'intégration scolaires kritt. Dat ass absolutt néideg. Dat ass ganz am Sënn vun der Chancégerechtkeet, déi fir meng Partei eng Prioritéit ass!

E staarke Staat huet d'Flicht, all Kand optimal Viraussetzung fir eng erfollegräich schoulesch Karriär a berufflech Perspektiven ze bidden, egal wou et hierkënn! Dofir muss mer d'Kanner do ofhuelen, wou se sinn. Mat dësem Projet maache mer also e grouss Schratt, e wichtege Schratt an déi richteg Richtung a mir sollen eis awer eeben och nach intensiv dermat beschäftegen, wat no deenen zwee Joer soll geschéien, wann d'Kanner net esou fonctionéieren, wéi de System et wëllt oder d'Gesetz et virschreift.

Domadder soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Closener. Da wier et un där honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur Gilles Baum huet den Historique vun der Immigratioun schéi beschriwwen. Am Laf vum 20. Joerhonnert virun allem ass Lëtzebuerg zu der Heemecht vu ville Mënschen aus der ganzer Welt ginn an dorop kënne mer houerfreg sinn.

Eis grouss Diversitéit beräichert jo net just eise gesellschaftlechen Alldag an eis Ekonomie, mee och d'Kultur, de Sport, d'Veräinsliewe bis hin zur Noperschaft. A wann de Max Hengel hei erzielt, dass en Hausaufgabenhëllef ginn huet fir portugisesch Kanner, kann ech och aus menger Kandheet erzielen. Mir hu bei italieenesche Leit gewonnen. An ech hu scho mat aacht Joer geléiert, wéi een deene kann zur Säit stoen, véier kleng Kanner, fir datt se an der Schoul reusséieren. An dat sinn Erënnerungen, déi een ni vergësst.

Déi grouss Diversitéit weist sech natierlech och an eise Schoulen. Si stellt eise Schoulsystem zanter Joerzéngte viru grouss Erausforderungen a si spigelt sech natierlech och an de Gesetzter zrëck, déi mer an der Lescht hei gestëmmt hunn. An dat waren der eng Hellewull. Se si ganz oft op d'Diversitéit ausgeriicht an op den Émgang mat eise Primo-arrivanten an all Defien, déi domat verbonne sinn. Esou och dese Projet de loi, an deem et jo prioritär drëms geet, de schouleschen Accueil an déi schoulesch Orientéierung vun deene 4.000 Kanner a Jonken – dat sinn der vill –, déi Joer fir Joer nei op Lëtzebuerg kommen, ze verbesseren.

Dat ass ganz sécher net vu Muttwëll, well och wann all immigréiert Kand a Jonke bis haut eng Plaz an eise Schoule fonnt hunn, sou waren d'Qualitéit an den Oflaf vum Accueil éischter dem Zoufall iwwerlooss. Virun allem huet d'Orientatioun vun immigréierte schoufflichtege Kanner a Jonken dovun ofgehaangen, wéi staark eenzel Gemengesservicer um Accueil

vu Flüchtlingsfamillje bedeelegt gi sinn a wéi grouss hiren Informatiounsstand war. Ech denke virun allem un d'Schoulserver vum de Gemengen, well et sinn normalerweis si, bis haut, déi d'Orientéierung vu Primo-arrivant an déi eng oder aner Grondschoul vun der Gemeng zum gudden Deel zesumme mat den Direktiounen, zesumme mam Schafferot a mat de Schoukkommiteeën ofschwätzen, allerdéngs ouni déi néideg Informatiounen ze hunn, wat de kulturellen a sproochlechen Hannergrond vun deene Kanner betrëfft an och ouni hiren individuelle Förderbedarf ze kennen.

Am Secondaire gëtt et zwar eng Maison de l'orientation, déi d'Schülerinnen an d'Schüler soll orientéieren, wéi den Numm et seet, mee och hir feelt et bis haut u klore Prozeduren a Missiounen, wat d'Integratioun vu jonke Flüchtlingen an den Enseignement secondaire ugeet respektiv och den Iwwergang vum Primaire – vum Fondamental, wéi mer haut soen – an de Secondaire.

Mat der Kreatioun vum Service de l'orientation et d'accueil scolaires ginn déi ganz Orientéierung an den Accueil net méi dem Zoufall iwwerlooss an dozou gehéieren och déi ganz Ënnerstützungsmoossnamen, déi hei organiséiert ginn. D'Moossnamen an d'Prozeduren, mee och d'Zesummenaarbecht mat Schoulen an Direktiounen sinn eng gutt Saach. Déi ginn och strukturéiert, ganz kloer, a si kréien och eng legal Basis, woumat se dann e feste Piliere vun eisem System ginn.

Dës harmoniséiert Approche ass an eisen Aen och ganz am Sënn vun der Égalité de traitement vun alle Kanner a Jonken, déi nei an d'Land kommen a vun enger eenheetlecher a gläichberechtigter Ënnerstützung kënnen profitéieren, onofhängeg dovun, a wéi enger Gemeng se opgehooll ginn oder wunnen.

Datt d'Integrationsperiod, déi och elo schonn e puermol ernimmt ginn ass, sech op zwee Joer soll limitéieren, fanne mer ganz richtig, well wat e Kand méi séier am reguläre System beschoult ka ginn, wat säi Grondrecht op Inklusioun besser respektéiert gëtt.

Une voix | Très bien!

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | D'Zil muss et jo sinn, d'Diversitéit zur Normalitéit ze maachen. A fir déi Normalitéit ze erreechen, ass et wichteg, den immigréierte Kanner esou fréi wéi méiglech d'Chance, mee och d'Sécherheet ze ginn, voll a ganz derzougeheieren, amplatz datt se sech awer e bësse wéi e Spezialfall fillen, dee regelméisseg Evaluatiounen muss ausgesat ginn, esou wichteg wéi se am Ufank och sinn.

Fir datt dëst Grondrecht vun de Kanner a Jonken op Inklusioun ouni Wenn und Aber Realitéit ka ginn, brauche mer allerdéngs net just e Service de l'orientation et de l'accueil scolaires mat all de Missiounen, déi dëse Service kritt, mee virun allem brauche mer e Schoulsystem mat engagiertem a kompetentem Personal, dat weess, wat Inklusioun an der Praxis bedeit.

Doriwwer eraus brauche mer Schoule mat gudden Aarbechtskonditiounen, an déi kënnen nëmme garantéiert ginn, wa genuch kompetent Personal um Terrain an de Reegelklasse schafft. Genuch Personal erlaabt et nämlech, e geziilten individuellen Encadrement vun de Flüchtlingskanner op d'Been ze stellen, ouni datt dës Kanner aus hirer Klassengemeinschaft oder souguer aus hirer Wunngeigend isoléiert musse ginn. Si musse ganz einfach derzougeheieren, wéi ech gesot hunn, an dofir solle staatlech Klasse fir immigréiert Kanner déi absolutt Ausnam bleiwen, esou wichteg wéi se och a gewëssene Fäll sinn. Mir haten de Fall vum Krich an der Ukrain, wou et net anescht gaangen ass. Dat stelle mer guer net a Fro.

Dir Dammen an Dir Hären, Inklusioun a Bildungsrechtgeek, dat ass de Geescht vun dësem Projet de loi an et wäert och eng vun de gréissten Erausforderungen an der Bildungspolitik vun der Zukunft bleiwen. Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun ganz gären a soe Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e Merci och un de Reporter, de Gilles Baum, fir säi Rapport. Mir hunn effektiv hei am Land d'Hallschent vun den Awunner, déi Auslänner sinn. Mir hunn eng immens, immens staark Immigratioun gehat. Oft gëtt da geschwat vun demografeschem Wandel, mee wien „demografesche Wandel“ seet, dee mengt am Fong am Endeffekt dat, wat een och „eng massiv Immigratioun“, „eng Massenimmigratioun“ kann nennen, an déi féiert zu deene Problemer, déi mer hunn. An déi Problemer sinn elo grad ugeschwat ginn. Hei ass gesot ginn, datt Diversitéit bedeit Erausforderung. Dat heescht am Fong esou vill wéi: Diversitéit ass e Problem. An ech soen dat direkt hei: Wann een e Choix huet tëscht Diversitéit an Integratioun, da wielen ech ganz sécher d'Integratioun op déi laang Dauer, well dat de Kanner an der Gesellschaft an eis allegueren zeguttkënn.

Mir hunn elo hei effektiv onwarscheinlech Zuelen, déi och genannt gi sinn: alljoers 2.000 Schüler, déi an d'Schoul kommen an déi net hei gebuer sinn, mee déi aus dem Ausland nei op Lëtzebuerg kommen, am Alter vun 10, 12, 14, 15 Joer. 2.000 allkéiers an d'Primärschoul, all Joer, 2.000 an de Lycée, all Joer. Dat ass enorm!

An ech stelle mer einfach och d'Fro emol eng kéier – do si vläicht Leit, déi gezwonge sinn heihinnerzekommen, woubäi ech net weess, wou mir Lëtzebuerg jee eng kéier ee gezwongen hätten, op Lëtzebuerg ze kommen –, mee ech stellen awer emol d'Fro einfach esou an de Raum: Ass dat rasonabel, wann ee mat Kanner, déi an der Schoul sinn, 10, 12, 14 Joer hunn – do ass et jo schonn oft schwierig genuch, wann een d'Gemeng wiesselt, fir en neit Ëmfeld opzebauen –, ass et do rasonabel, an en anert Land wunnen ze goen? Ech mengen, jiddwereen, deen hei Kanner huet, dee weess dat. A wann een elo einfach zu engem géif soen: „Hei, ma da géi emol a Pole wunnen an da kucks de, dass de de eens gëss!“, dat ass ganz, ganz, ganz schwéier!

(Brouhaha)

An ech stelle mer einfach déi Fro, ob een déi Leit net soll eng kéier wirklech och emol opklären: „Hei zu Lëtzebuerg sinn d'Reegelen esou. A Lëtzebuerg ass villen net einfach“, dat ass och gesot ginn, „et ass schwierig, Logementer ze fannen, et ass schwierig, eventuell eng Aarbecht ze fannen. Mir hunn eng Sproochesituatioun, déi extreem komplex ass. Iwwerleet Iech gutt, ier Der heihinnerkommt, ...

(Interruption par M. Dan Kersch)

... ob dat wirklech dat ass, wat Der wëllt!“

M. Fernand Etgen, Président | Här Keup, erlaabt Der, datt den Här Kersch Iech eng Fro stellt?

M. Fred Keup (ADR) | Duerno wannechgelift. Jo, merci, Här President, dat maache mer duerno!

Dat ass awer eng Fro, déi een eng kéier muss stellen. Et gëtt jo kee gezwongen, heihinnerzekommen. Elo sinn awer Leit, déi kommen heihinner, dat ass d'Realitéit.

M. Fernand Etgen, Président | Här Keup, dierf den Här Kersch Iech eng Fro stellen?

M. Fred Keup (ADR) | Ech hu gesot: Duerno!

M. Fernand Etgen, Président | Ok.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | En aneren Toun, wannechgelift!

M. Fernand Etgen, Président | Jo.

M. Fred Keup (ADR) | Jo, dat hutt Der gëschter och scho gesot zum President. Mee mat Iech huet jo keen elo geschwat!

(Exclamations)

Voilà! Ech mengen, dat ass awer ganz ...

(Brouhaha et interruptions)

M. Fernand Etgen, Président | Den Här Keup huet elo d'Wuert. An de Moment huet elo soss keen d'Wuert wéi den Här Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Et ass net un Iech elo hei, fir mech zurechtzewiesen. Dir sidd net President. Dir sidd hei normalen Deputéierten an der Chamber.

Une voix | Jo, jo, jo.

M. Fernand Etgen, Président | Nee, Här Keup, Dir hutt am Fong geholl net deenen aneren Deputéierten ze soen, wat se ze maachen hunn a wat se net ze maachen hunn!

M. Fred Keup (ADR) | Si hu mech provoziert.

M. Fernand Etgen, Président | Dat ass eng Missioun, déi ass dem President iwwerlooss.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Merci, Här President.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | D'Ënnerstellunge kënn Der och si loossen!

M. Fred Keup (ADR) | Wat gelift?!

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Jo.

M. Fred Keup (ADR) | Jo, Dir hutt dat net gär, wann een eng aner Meinung huet wéi Dir!

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Nee, nee ...

M. Fred Keup (ADR) | Mee ok, ech maachen awer elo weider. Ech hunn Iech och net ënnerbrach, dann ënnerbricht Dir déi aner Leit och net!

Sou, ech kommen heirop zrëck. Ech mengen, et ass ganz einfach esou, dass dee Problem do ass, dass immens vill Leit an eise Schoulsystem kommen, an déi hunn et effektiv net einfach. Duerfir fannen ech dëse Projet och am Grond gutt fir ze soen, hei, mir mussen deenen iergendwéi ënnert d'Äerm gräfen, mir mussen déi besser informéieren, fir dass se sech esou gutt wéi méiglech hei zurechtfinden.

Et muss een awer och eng kéier kucken, wéi d'Integratioun hei am Land fonctionéiert oder fonctionéiert huet, och iwwert déi lescht 100 Joer. Gréisstendeels ass dat eebe geschitt dank der Schoul, wou d'Leit zesummekommen, wou d'Kanner zesummekommen, wou se zesummen d'Sprooch geléiert hunn, eis Dräisproochgeek, wou se zesumme Lëtzebuergesch geléiert hunn. An dat ass och gréisstendeels geschitt!

An och ganz vill Kanner vun Auslänner – an ech kennen der selwer a menger Famill, déi am Fall sinn, a jiddwereen kennt der, an hei sinn der och an der Chamber, déi am Fall sinn –, ganz vill hunn dat ouni Problem gemaach. Si krute gehollef. Si ware fläisseg. Si wollte Leeschtung bréngen. Si haten de Wëllen. Si kruten och vun den Eltere gehollef. Och wann déi emol näischt verstanen hunn, och do ass et Fäll ginn, wou een de Kanner konnt hëllefen. An dat huet geklappt. Duerfir wieren ech mech och hei dergéint, fir dat ëmmer einfach esou dohinnerstellen, wéi wa

Kanner vun Auslänner hei automatesch géife beno-
deelegt ginn. Dat stëmmt esou net!

An et huet geklappt dann drëtens och dank dem
Wëlle vun de Lëtzeburger, déi higange sinn an déi
Méiglechkeete ginn hunn, fir sech hei ze integréieren
an der Schoul an och ronderëm. Mir mussen eis awer
ëmmer bewosst sinn, dass Integratioun en iwwer-
generationelle Prozess ass an dass et normalerweis
eréischt an der zweeter Generatioun ass, wou dat
seng Friichte richtig dréit.

Mir hunn hei, wéi gesot, immens vill Zouwanderung
an eise Schoulen. An Däitschland gëtt emol heiansdo
gesot, dass, wann een an enger Klass iwwer 30 %
Kanner huet, déi Netmammesproochler sinn, déi aus
der Migratioun kommen, iwwer 30 %, dass dann den
Niveau drastesch erofgeet, och fir déi aner Kanner.
Dat ass iwwregens eppes, wann Der hei d'Léierperso-
nal frot, wat déi Iech och kënne bestätegen.

Et ass also e grondsätzleche Problem a wa mer déi
staark Zouwanderung net gebremst kréien, da wäer-
te mer an der Schoul och weiderhin déi Problemer
hunn an da wäerte mer hannendurafe mat esou Pro-
jete wéi deen heiten, déi net ëmmer ganz gutt sinn.

Ech war jo kuerz ënnerbrach ginn, ech mengen, ech
hunn nach e bëssen Zäit.

Plusieurs voix | O!

M. Fred Keup (ADR) | Dann ass ëmmer gesot ginn:
„déi gerecht Schoul“. Jo, „gerecht Schoul“ heescht ge-
recht, mee wat mer maachen am Moment, ass net ge-
recht! Ech erënneren drun: An deenen Europaschoule
léieren d'Kanner manner Sproochen. Ech erënneren
drun: An den Europaschoule maachen d'Kanner hir
Première e Joer éischter, scho mat 18 Joer. Si mussen
e Joer manner an d'Schoul goen. Dat ass alles net ge-
recht!

A wa mer wëllen eppes maachen, da mussen mer och
d'Schoul méi iwwersiichtlech maachen, de Schoulsys-
tem. Da mussen mer d'Zensuren erëm méi iwwersiicht-
lech maachen. An da mussen mer déi Zersplitterung
vun eisem Schoulsystem stoppen.

An elo kënnt awer den Haaptpunkt, firwat mer hei
mussen dergéint stëmmen, och wann an deem Projet
hei ganz vill Saache sinn, déi effektiv ganz gutt sinn.
Mee eppes kënne mer net akzeptéieren, an dat ass déi
Situatioun, déi och d'Staatsbeamtekummer an hirem
Avis ugeschwat huet: Do geet et ëm d'Sprooch vun
deene Leit, déi an deem SIA duerno sollen ugestallt
sinn, an do gëtt verlaangt, dass se just eng Sprooch
vun deenen dräi administrative Sproochen kënne an
deelweis dat souguer ... Et steet souguer en Niveau
derbäi: B2. B2, wat elo wierklech net den Topp ass!
Dat heescht, eng Sprooch vun deenen dräi an déi och
nach net ganz gutt. Dat ass einfach eppes, wat mer net
kennen akzeptéieren. Mir soen ëmmer: Een, dee fir de
Staat hei zu Lëtzebuerg schafft, een dee vum Staat be-
zueelt gëtt, dee soll och déi dräi administrativ Sproochen
kennen!

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Keup.
An da kritt den Här Kersch d'Wuert an duerno d'Ma-
damm Lorsché, fir Iech nach eng Fro ze stellen.

M. Dan Kersch (LSAP) | Ech wollt den Här Keup
froen – et huet e bëssen esou geklongen, wéi wann
eng ganz Rei Leit, déi op Lëtzebuerg kommen, sech
dat vläicht besser sollten iwwerleeën, well se wierklech
misste wëssen, dass hir Kanner eventuell hei an der
Schoul géife Problemer kréien –. Kënnt Der Iech virstel-
len, Här Keup, dass eng ganz Rei Leit, déi déi Decisioun
huelen, fir hei op Lëtzebuerg ze kommen, dat net maa-
chen einfach aus Spaass un der Freed, mee dass se dat

maachen, well se ënner anerem hire Kanner wëllen
nei Perspektive bidden?

Une voix | Jo.

M. Dan Kersch (LSAP) | An ech weess, vu wat ech
schwätzen. Meng Mamm ass och ganz jonk aus Italien
hei op Lëtzebuerg komm. De Problem fir si, fir sech hei
ze integréieren, dat war net onbedéngt de Fait, dass
se an der Schoul Problemer begéint hätt. Mee de Pro-
blem, dee se hat, dat war, dass se vill Leit begéint huet,
déi déi nammlechte Theorië vertrueden hu wéi Dir, a
wou se gespuert huet, dass se hei net wëllkomm war.
Dat ass de Problem, an net dat, wat Dir hei beschriw-
wen hutt!

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kersch.

M. Fred Keup (ADR) | Ech weess elo net, wou d'Fro
ass, mee ech géif Iech awer drop äntwerten.

M. Dan Kersch (LSAP) | Ech hunn Iech gefrot, ob Der
Iech vläicht kënnt virstellen, dass dat esou ass!

M. Fred Keup (ADR) | Maja, lauschtet, mee dann,
dann ... Ech soen Iech dat och. Ech fannen, dass dat
doten e bëssen eng Ënnerstellung ass, fir ze soen: „Déi
huet Leit begéint wéi Dir“, ech fannen, dat ass net an
der Rei! Meng Fra ..., also hir Elteren, meng Schwéierel-
teren, déi sinn och aus Italie komm. Mäi Schwéierpapp
ass mat enger Wallis zu Stengefort op der Gare ukomm
aus Sardinien, mat 16 Joer, an en ass hei schaffe gaan-
gen. Also ech kennen déi Situatioun do ganz gutt.

Déi Leit, déi ware ganz fläisseg, d'Kanner, déi hunn alle-
guer hir Schoul gemaach, obwuel d'Elteren d'Sproo-
chen net konnten. Dat war alles net einfach. Duerfir, dat
ass guer net de Punkt, deen Dir hei uschwätzt, deen ech
wëll soen. Ech mengen, dass ganz viles eebe grad rich-
teg gelaf ass a mir sollen d'Saachen net méi schlechtrie-
den, wéi se sinn.

Mee de Fakt ass awer och: Wann Der an en anert
Land migréiert, da mussst Der Iech awer e bëssen
informéieren. An dat geet eeben net esou einfach! An
et kann ee sech net virstellen, einfach esou op Lëtze-
buerg ze komme vun iergendwou hier an dann hei
alles esou à la carte gemaach ze kréien. Dat fonction-
néiert jo néierens!

M. Fernand Etgen, Président | An da kritt d'Ma-
damm Lorsché d'Wuert.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Merci, Här Presi-
dent. Ech stelle keng Fro, mee ech wëll eng Richtegstel-
lung hei maachen. Den Här Keup huet mir an de Mond
geluecht, ech hätt vun engem „Problem“ geschwat,
wéi ech gesot hunn, et wär en Defi, fir déi Kanner an
de Schoulen opzehuelen. Ech hunn a menger ganzer
Ried betount, dass mer deen Defi wëlle positiv ugoen,
dass et eng Toleranz ass, déi mer wëlle liewen, eng
Oppenheet, eng Wäertschätzung, an dass mer d'Grond-
rechter vun deene Kanner mussen a wëlle respektéie-
ren am Sënn vun der Inklusioun.

An dat ass net e Problem, mee dat ass e Wäert, dee
mer an eiser Gesellschaft liewe sollen, am beschten
alleguer mateneen, well nëmmen zesumme kréie
mer déi Inklusioun hin. An duerfir bedauere mir ganz
staark, dass hei aner Stëmmen ze héiere sinn, déi dat
do awer nach mat engem Problem gläichstellen!

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci fir déi Prezi-
sioun.

M. Fred Keup (ADR) | Wann ech nach kann ...

M. Fernand Etgen, Président | Nee, et war keng Fro.

M. Fred Keup (ADR) | Ech si jo awer genannt ginn!

M. Fernand Etgen, Président | Eng Fro huet vläicht
nach den Här Mars Di Bartolomeo.

M. Fred Keup (ADR) | Dann äntwerten ech dann.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Nee, éischter e Fait
personnel, Här President. Et ass ganz richtig, dass
deen Eenzege, deen d'Diskussiounen hei dirigéiert,
Dir sidd, Här President. Dat ass kloer wéi Bullets-
zopp. Nach ass et esou, dass mer hei zu 60 sëtzen an
dass mer duerchaus, jiddwereen Einzelnen, eis Mee-
nung kënnen ausdrécken iwwert den Émgangstoun,
deen hei an der Chamber gëllt. An ech verbidde mer
esou en aggressiven Toun! Ech sinn net e Chrëscht-
këndchen, dat weess ech, mee esou, dat Aggressiivt
an der Stëmm, dat seet och eppes aus, Här Keup! Ech
wär frou, wann Der doru géift schaffen!

M. Fred Keup (ADR) | O!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Ech wär ganz frou,
wann Der doru géift schaffen. An dann nach an eege-
ner Saach: Migratioun war ëmmer eng Chance a keng
Gefor fir Lëtzebuerg!

Une voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Et war ëmmer en
Donnant-donnant an et sinn der derbäi gewiescht, déi,
jo, drënner gelidden hunn. An un eis ass et, dass den
Equiliber esou gutt ewéi méiglech ass. Mir als Land
hunn ëmmer dru gewonnen an et ass och wichteg, dass
déi, déi bei eis kommen, déi ganz jonk, wou et schwie-
reg ass, an och déi, déi hei schaffen, sech erëmfannen
an dass se an der Zäit genee déi selwecht Chancen hu
wéi mir alleguer. Ech wollt dat just gesot hunn an aller
Kollegialitéit hei, déi mer hei solle gëlle loosse.

Villmools merci, Här President, fir d'Wuert.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Di
Bartolomeo. Well den Här Keup indirekt ugeschwat
ginn ass, kritt en nach eng Kéier kuerz d'Wuert zréck.

M. Fred Keup (ADR) | Jo, ech géif dem Här Di
Bartolomeo an aller Kollegialitéit dann och äntwer-
ten, dass ech et, bon – wéi soll ech soen? –, e bësse
witzeg fannen, wann e sech driwwer opreegt, iwwert
d'Aggressivitéit an der Stëmm. Well ech mengen, den
Här Di Bartolomeo ass jo awer och, wéi e lo selwer
sot, kee „Chrëscht-këndchen“ – och wéi gëschter. An
ech mengen, dat mécht Iech jo och aus an ech ken-
nen Iech jo och scho laang, scho laang suivéieren ech
Iech hei an der Chamber. An ech kann Iech och ver-
sécheren, dass ech am jonken Alter, mat 15, 16 Joer,
e ganz grouse Fan war vun där direkter an heiansdo
haarder Sprooch, déi Der ëmmer hei an der Chamber
bruecht huet. Voilà, dat wollt ech Iech och soen.

Dat anert nach kuerz: „Diversitéit“, hat Der gesot, „ass
eng Erausforderung“, ...

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Do hutt Der Iech an
der Partei geiert!

M. Fred Keup (ADR) | ... ech hunn interpretéiert:
„Problem“. Voilà. Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Keup.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Leet mir dat net an
de Mond!

M. Fernand Etgen, Président | An ech mengen, elo
kënne mer d'Dezibel erëm erofsetzen. An ech ginn elo
d'Wuert un d'Madamm Myriam Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Här President,
virun engem Joer gouf dese Projet deposéiert an huet
direkt fir Onrou gesuert. Mir hunn eis dee Moment
och mat enger Verriedung vun de Leit getraff, déi am

Secteur vum Accueil an der Integratioun scho ganz laang schaffen.

Mat dësem Projet de loi schafft den Educationsmi-
nister en neie Service, dee sech ëm d'Integratioun
an den Accueil an der Schoul vu Kanner a Jonke këm-
mert, déi nei zougewandert sinn. Dobäi gëtt et scho
Servicer, déi an deem Beräich ganz aktiv sinn. D'Per-
sonal an deene Servicer gëtt sech vill Méi. Si fille sech
awer virun de Kapp gestouss mam neie Gesetz, well
se weeder consultéiert gi sinn, nach gi si am Geset-
zesprojet richtig erwänt, esou wéi wann et hir Aar-
becht net géif ginn. Virun allem gëtt déi geleescht
Aarbecht einfach net geschätzt. Dat ass op alle Fall hir
Impressioun.

Här President, et ass jo net esou, wéi wann elo
eréischt dru geduecht gi wier, e Service an eng
Systematik opzestellen fir d'Prise en charge vu jonke
Primo-arrivanten an eise Schoulsystem. De Princi-
pe de l'égalité ass ginn duerch eng cibléiert Scola-
risatioun, fir de Schüler e beschtméiglechen Iwwer-
gang an eng Reegelklass ze erméiglechen. D'Prise
en charge systématique fir de Secteur DPI gëtt et
schonn, well am Fondamental gëtt et säit Joerzén-
gen Accueilklassen an Accueilsoursen, déi de Schüler/
innen hëllefen, eis Sproochen ze léieren. D'Classe-
d'attachen hunn d'Zil, d'Schüler/innen aus den Ac-
cueilklassen an de regulären Unterrecht opzehuelen,
wou si dann awer an hirem Rhythmus kënnen hiert
Wëssen an hir Sproochekenntnisser opschaffen, éier
se an de Secondaire iwwerginn.

Fir den Enseignement secondaire gëtt et dann
d'CASNA säit 2005, Cellule d'accueil scolaire, déi sech
innerhalb vum SECAM, dem Service de scolarisation
des enfants étrangers, ëm d'Aschreiwung, d'Orien-
téierung an de Suivi vun de sougenannte (veuillez
lire: vun den zougewanderte) Schüler/innen këmmert.
De SECAM ass e Service ressource, deen d'General-
direktioun vum Enseignement secondaire iwwert
d'Unzuel un nei zougewanderte Schüler/innen infor-
méiert an eng Ufro fir nei Klassen opzemaache stellt.

Här President, dës Optioun sinn essentiel fir d'In-
tegratioun oder besser gesot d'Inklusioun vun zoge-
wanderte Kanner an eis Schoul an an eis Gesellschaft.
Déi spillen eng zentral Roll am Kampf géint den
Décrochage scolaire an déi schoulesch Ongläichhe-
ten, well dës Kanner vu virer an net de Bagage hunn,
fir am lëtzebuergesche Schoulsystem a senger Méi-
sproochegkeet eens ze ginn. Schlëmm genuch ass
et, dass och d'Kanner, déi hei am Land gebuer sinn,
scheinbar och net am Lëtzeburger Schoulsystem
eens ginn. Mee dat ass e ganz aneren Debat.

Här President, a ville Gemenge feelt et awer u Schoul-
raum – et ass och scho gesot ginn – an u Personal,
wat schlussendlech kann derzou féieren, dass net
genuch Accueilklassen ugebuede kënnen ginn. Mee
voilà, grondsätzlech stousse mer ëmmer erëm zrëck
op d'Problematik vum Manktum u Schoulpersonal a
Schoulraum. A soulaang de Ministère dëse Problem
net an de Grëff kritt, wäerten déi zukünfteg demo-
grafesch Entwécklungen an d'Verantwortungen, déi
drunhänken, an d'Besoinen vun enger ëmmer méi
grousser an diverser Schoullandschaft eis iwwert de
Kapp wuessen.

Här President, ech gesinn néierens an dësem Gesetz
eng Verweisung op d'Cellule d'accueil an de SECAM.
De Médiateur scolaire huet ëmmer erëm bedauert,
dass d'Cellule d'accueil an de SECAM keng gesetzlech
Basis hunn, d'CASNA huet nach ëmmer keng legal
Basis. An dat wäert sech och mat dësem Gesetz net
änneren, well dëst Gesetz virgesäit, einfach eng nei
Instanz ze grënnen, fir en gros déi selwecht Aarbecht
ze maache wéi déi bestoend Servicer. Dëse Service

ass de SIA, de Service de l'intégration de l'accueil sco-
laires.

Et ass also wierklech esou ze verstoen, wéi wann all
déi Jore virun zu Lëtzebuerg Kanner a Jonke, déi
nei zougewandert sinn, ni systematesch hätte kënnen
an d'Schoul integréiert ginn. Dat ass awer definitiv
net de Fall! Zu Lëtzebuerg gëtt et d'ailleurs den Zou-
gang zu der Education als fundamentaalt groust
Grondrecht plus d'Schoufflicht. Domat misst déi syste-
matesch Aschreiwung an eise Schoulsystem fir all
schoufflichteg an net schoufflichteg jonk Persoun aus
der rezenter Zouwanderung sous-entendu sinn.

Dem Minister no géif et keng spezifesch Instanz ginn,
déi den Accueil vun auslännesche Schüler/innen zen-
tral koordinéiert a systematesch an d'Hand hält. Et
géif keng systematesch Analys vun de Fäegkeeten a
Besoinen vun de Schüler/innen gemaach ginn, opgrond
vun deenen e Projet d'accueil kéint ausgeschafft ginn,
deen dem Schüler an der Schülerin quasi op d'Mooss
geschnidde géif ginn, fir se esou gutt wéi méiglech
kënnen ze orientéieren. Den neie Service, deen dëst
Gesetz an d'Liewe rëft, soll d'Lyceën an d'Schoulen
doranner ënnerstëtzen, wat jo eng gutt Saach ass.

Här President, awer hei ignoréiert de Minister déi Aar-
becht, déi scho geleescht ginn ass vun den Acteuren,
déi sech säit Joren ëm den Accueil këmmern. An dë-
sem Secteur schaffe plus/minus 60 Leit. D'Fro ass: Fir-
wat soll dee Secteur net einfach déi gesetzlech Basis
an d'Moyene kréien, déi e brauch, fir anstänneg kën-
nen ze schaffen?

Am Introtex vum dësem Gesetz steet d'ailleurs, ech zi-
téieren: „Bien que les tâches du Service de la scolarisa-
tion des enfants étrangers aient été définies au sein
du Ministère de l'Éducation nationale, on se doit
de constater qu'il s'agit d'une mise à disposition de
moyens modestes face à l'envergure des défis.“ Dat
heescht an anere Wieder, déi bestoend Servicer si bis
elo vernoléisseg ginn, an d'Antwort op dëse Problem
ass d'Schafung an d'Finanzéierung vun engem neie Ser-
vice. Firwat et einfach maachen, wann et komplizéiert
geet?!

De Minister bräicht eigentlech den Accueil net ze har-
moniséieren. Hie misst sech prioritär ëm d'Harmoni-
séierung vun eise komplett zerstückelten – leider zer-
stückelten – Bildungssystem këmmern. Zu Lëtzebuerg
gläicht d'Bildungsoffer ëmmer méi engem Rayon am
Supermarché: l'embarras du choix! D'Stratifikatioun
vum Bildungssystem féiert awer net – entgéint deem,
wat mantraméisseg no bausse kommunizéiert gëtt –
zu méi Bildungsgerechtegkeet. Am Géigendeel: Wien
de System nämlech net kennt – an dat ass wierklech e
grousse Problem –, dee kënnt do leider am schlechts-
ten ewech. An dat si leider oft déi Leit, un déi mer net
kommen.

Mee, wéi scho gesot: Wat bréngt esou vill Choix,
wann een net ka wierklech effikass ginn, an dat net
duerch eng net existéierend Qualitéit vun der Offer,
mee einfach duerch e Manktum u Personal, u Res-
ourcen an u Schoulraum?

Villmools merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm
Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass
den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir
hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President.
Léif Kolleginnen a Kollegen, als Éischt emol merci
dem Gilles Baum fir de mëndlechen a schrëftlechen
Rapport. Wann eppes kloer ass, dann dat: Lëtzebuerg
ass e Migrationsland. All Joer kommen Dausende
Leit nei op Lëtzebuerg, dorënner och ganz vill Famillje
mat Kanner. Datt dës Kanner an eng Schoul musse

goen, ass nëmmen normal. Et gëtt eng Schoufflicht a
virun allem ass et och wichteg, datt d'Schoul en inte-
grative Facteur an hirem Liewen ass.

Wat licht klénkt, dat ass et dann awer net ëmmer esou
ganz an der Realitéit. Do gëtt et Sproochbarriären,
Problemer mam Schreien, zum Beispill wa Kanner
mat engem aneren Alphabet opgewuess si respektiv
och scho schreien a liese geléiert hu mat engem ane-
ren Alphabet, an nach viles méi. Ech schwätzen net
emol nëmme vu vu riets no lénks oder vu vun uewen
no ënnen, mee tatsächlech vun anere Buschtawen.
Dat ass net einfach! An dës Problemer suergen derfir,
datt eng Rei Kanner Problemer hunn, sech an de Lëtze-
burger Schoulsystem anzegliddern.

Et gëtt mëttlerweil zwar speziell Accueilklassen, mee
dës stinn net iwwerall zur Verfügung. An och do musse
mer usetzen. Mir mussen dës Kanner beschtméiglech
encadréieren an hinne sou gutt wéi méiglech hëllefen,
hire Wee am Lëtzeburger Schoulsystem ze fannen,
well déi meescht – an dat wësse mer och –, déi op
Lëtzebuerg kommen, bleiwen och zu Lëtzebuerg.

Certes, an deene leschte Joren huet sech d'Migratioun
e bësse geännert, doduerjer, datt haaptsächlech aus
dem engleschsproochige Raum Leit fir méi kuerz Mi-
sionnen op Lëtzebuerg kommen, mee d'Migratioun zu
Lëtzebuerg, dat waren traditionell Leit, déi op Lëtze-
buerg komm sinn, fir mat eis zesummen de Räichtum
vun dësem Land ze bauen. An deementspriedend
bleiwen och hir Kanner hei zu Lëtzebuerg an et ass der
Schoul hir Aufgab, dës Kanner beschtméiglech ze pre-
paréieren, fir duerno an enger Gesellschaft hir Plaz ze
fannen, wou se bäikoumen, mee wou se definitiv der-
zugehéieren. A genau dat soll mat dësem Projet de loi
gemaach ginn.

Wéi scho viru Kuerzem beim Projet de loi 8169 si mer
och hei der Meenung, datt de Projet an der Theorie
gutt klénkt. Vill Persounen, déi nei op Lëtzebuerg
kommen, hu Schwieeregkeeten mam System, dat hunn
ech erkläert, an hu virun allem och Problemer, sech
zurechtzufannen. Hei ginn eng gutt Orientatioun an
Informatioun einfach indispensabel, fir datt d'Elteren
zesumme mat hire Kanner dee fir si beschte Wee an
engem dach ëmmer méi komplexe Schoulsystem fan-
nen, fir datt se déi passend Schoul zum Beispill fan-
nen, déi passend Orientéierung fannen, wëssen, wéi
eng Hëllef se an Usproch kënnen huelen.

Dofir ass et och zum Beispill fir eis positiv, datt elo
deen Dossier entsteet, well een domat de Kanner
och eng Aart vu roudem Fue dem gëtt, un deem se
sech orientéiere kënnen fir hire schoulesche Parours.
Natierlech ass och fir d'Schoule selwer deen Dossier
ganz wichteg, well en hinne beim Accueil vun den
neie Schülerinnen a Schüler awer wäertvoll Informa-
tiounen liwwert an domadder hëlleft.

Wat an der Theorie gutt klénkt, muss sech an der
Praxis awer bewäeren, well et gëtt e Risiko, datt een
hei zousätzlech administrativ Chargé generéiert.
Wann ee béis wär, géif ee vun engem „administrative
Waasserkapp“ schwätzen, vun deem mer hoffen, datt
deen net entsteet.

Mir sinn der fester Iwwerzeugung, datt hei d'Inten-
tioun immens gutt ass. Mir sinn der Meenung, datt
deen heite Projet wierklech d'Ambitioun huet, datt
d'Hëllef do ukënnt, wou se gebraucht gëtt. An dofir
sollte mer och dem Personal um Terrain, wat dat hei-
ten herno ëmsetze muss, dat Vertrauen haut entgéint-
bréngen, datt et dat genau esou ëmsetzt, wéi d'Ambi-
tioun an d'Intention vun deem Projet ass. Mir ginn
also jiddwerengem an där ganzer Chaîne hei haut e
Vertrauensvirschoss, datt déi gutt Intentionen do
ukommen, wou se dréngend gebraucht ginn.

Wéi also beim Projet de loi 8169 wäerte mer och deen
heite Projet matstëmmen. Mir ginn, wéi ech et sot,

jiddwerengem, dee bedeelegt ass, vun der Regierung bis zu de Leit, déi dat heiten um Terrain ëmsetzen, e Vertrauensviruschoss an hoffen, datt de Projet an der Realitéit dat hält, wat en an der Theorie verspricht.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, e ganz grouss Merci fir d'alleréisch emol un de Gilles Baum, deen net nëmmen hei op d'Detailer vun dësem Gesetzesprojet agaangen ass, wat d'Schafung vun deem Service d'intégration et d'accueil scolaires alles bedeit a wéi d'Prozesser an d'Prozeduren duerno nei wäerte strukturéiert ginn, mee deen eis eigentlech och nach en interessanten Historique geliiwert huet vu Lëtzebuerg, vun eisem Land, vun engem Emigrationsland hin zu engem Immigrationsland, wat natierlech d'Noutwendegkeet mat sech bruecht huet, datt eis Schoule sech och där doter Erausfuhrderung unhuelen: nämlech e Schoulsystem opzebauen, deen zu engem Immigrationsland passt, wou mer eis eebe besser kënnen op déi ganz ënnerschiddlech Situatiounen vun de Kanner, déi bei eis kommen, astellen an hinnen och fair Chancë fir eng gutt Bildung an e gudden Ofschloss kënnen garantéieren.

D'Zuele sinn e puermol genannt ginn: 4.000 Schülerinnen a Schüler am Joer, déi hir Scolaritéit an engem anere Land ugefaangen hunn, heiansdo nach a fréie Joren, heiansdo awer och schon am Jugendalter, déi bei eis kommen an déi mer hei mussen integréieren an eis Schoulen, an eise gesamte Schoulsystem. Dat mécht knapp 4 % aus.

Elo seet een, 4 %, dat ass vläicht net vill, mee, Dir Dammen an Dir Hären, 4 % pro Joer, dat sinn der an zwee Joer 8 %, dat sinn an dräi Joer 12 %, dat sinn a véier Joer 16 %, well all Joer 4.000 Schülerinnen a Schüler op en Neits vu bausse bei eis kommen. An dat ass eng grouss Erausfuhrderung, där mer eis haut probéiert hunn, esou gutt wéi méiglech ze stellen, och schon an deene leschte Joren, mee wou mer awer gesinn hunn, datt dach e wichtegt Puzzlestück gefeelt huet.

Dir wësst, datt mer eng Ganz Rei vun Initiative geholl hunn, fir eis schoulesch Offer och de Kompetenzen, de Sproochen an de Biografie vun de Schülerinnen a Schüler, déi vu bausse bei eis kommen, besser unzepassen, datt mer eis schoulesch Offer diversifizéiert hunn. An ech denken, datt dee Prozess net op en Enn ka sinn, mee datt sech d'Fro awer och stellt: Wéi brénge mer – an déi ass haut och e puermol hei zu Recht gestallt ginn – de richtege Schüler dann och bei déi richtege Offer? Well aneschtens klappt et jo net.

An dat ass d'Käraufgab vun deem nei gegrënnte Service, deem Service d'intégration et d'accueil scolaires, wou mer kloer Prozeduren definéieren, wou mer vun der Analys – Wat fir eng Kompetenze bréngt dee Schüler do mat? Wat ass seng Biografie? Wou gouf en a wéi gouf en alphabetiséiert? – bis awer och zu engem Projet, deen developpéiert gëtt, wat fir e Parcours e ka maache bei eis an de Schoulen, a bis zu enger Orientatioun, fir och an där richtege Schoul respektiv an der richtege Formatioun unzekommen, alles maachen, wéi awer dann och, an dat ass jo e puermol hei gesot ginn, e Suivi maachen.

Well wa mer bis elo ... Effektiv hu mer am Ministère e Service, de SECAM, dee sech dorëms gekëmmert huet. Fir ze kucken, datt mer fir déi Schülerinnen a Schüler, déi bei eis komm sinn, eng Plaz an enger Schoul fannen, musse mer jo fir d'alleréisch awer och sécherstellen, datt mer Prozeduren hunn, fir datt mer déi richtege Plaz och fannen, an datt mer awer och gläichzäiteg kucken, datt déi richtege Plazen och an ausräichendem Mooss geschafte ginn, mee datt mer awer och de Kontakt net ofbriechen dee Moment, wann de Schüler an enger Schoul ukomm ass, an datt mer kucken, datt dat, wat mer eis an esou engem Projet virgeholl hunn, nämlech datt e gutt accrochéiert an enger Schoul an enger Formatioun, dann awer och iwwert déi zwee Joer do reusséiert. A wann et net reusséiert, musse mer kucken, datt mer dann och vläicht eng Reorientatioun kënnen virhuelen, datt mer d'Ursaachen erausfannen: Firwat si mer net do ukomm, wou mer zesummen eigentlech hiwollten?

Ech denken, Här President, datt de SIA nach eng weider Aufgab huet, déi extreem wichteg wäert ginn iwwert déi nächst Joren, nämlech och de Ministère, de Minister an d'Chamber ze beroden iwwert d'Entwécklungsnoutwendegkeet vun eisem Schoulsystem. Wa mer soen, mir hu verschidden Offeren, well mer verschidde Schülerinnen a Schüler hunn, dann ass a bleift et en Challenge, datt mer déi jeeeweileg Offeren och deementspriedend ausbauen, déi och méi gefrot wäerte ginn.

Wann ech nach eng Kéier soen: 4.000 Schülerinnen a Schüler pro Joer, déi bei eis kommen, da rechent dat emol eng Kéier, wéi vill Schoulen dat dann eigentlech esou ausmécht, déi dann och pro Joer deementspriedend missten opgoen, respektiv wéi vill Klasse missten opgemaach ginn. Dann ass et och en Challenge, fir eise Schoulsystem deem Besoin no unzepassen. An dat kënnen mer jo eréischt erausfannen, wa mer wirklech och eng genau Analys maache vum eenzelne Schüler, wou en eigentlech hi soll goen, an dann och herno kënnen erausfanne fir si alleguerten, wat fir eng Offer mer dann a wat fir enger Quantitéit do brauchen.

Dat selwecht gëllt natierlech och fir Offeren, déi mer haut nach net an deem Mooss entwéckelt hunn; d'Berufsausbildung an internationale Klassen ass erwänt ginn. Et gëtt der ëmmer méi. Mir mussen awer sécherlech weider dorunner schaffen an do den Equiliber fannen tëschent deene Sproochekompetenzen, déi d'Schüler matbréngen, wou se och kënnen reusséieren, an awer och duerno de Berufsperspektiven an där jeeeweileger Branche zu Lëtzebuerg.

Ech denken och, datt mer – an do si mer jo amgaangen – eisen traditionelle Schoulsystem musse weider iwwerdenken, datt deen och hei en Acteur bleift, fir Kanner vu bausse gutt kënnen ze integréieren, an datt mer dat net nëmmen internationale öffentliche Schoulen als Aufgab ginn. Aneschtens geet et jo net, well e groussen Deel vun eise Kanner ... Et ass eigentlech net méi d'Ausnam, datt an enger Klass Kanner sinn, déi e Migratiounshannergrond hunn, et ass eigentlech d'Reegel. An duerfir muss eisen traditionelle Schoulsystem sech natierlech och do weiterentwéckelen.

Vläicht e puer kuerz Äntwerten, Här President, nach op Froen, déi gestallt goufen. Eng Präzisioun: De SIA gëtt geschafte iwwer e Gesetz an iwwerhëlt domadder natierlech alles dat, wat virduen am SECAM gemaach ginn ass. An domadder schafe mer dem SECAM, deen elo en aneren Numm kritt, dee méi Missioun kritt, dee méi kloer Prozedure kritt, eng gesetzlech Basis. Et ass also net, datt hei iergendwéi eppes géif elo verkümmere gelooss ginn an nienendru kéim eppes ganz Neies. Nee, dat gëtt natierlech voll a ganz integréiert. Déi Leit, déi ech gesinn hu bei

der Ausschaffung vun deem Gesetzesprojet hei, dat sinn déi Leit, déi bis elo responsabel gewiescht sinn am SECAM, an dat geet hei eent an dat aner iwwer.

Mir hunn och an de leschten dräi Joer, wéll ech nach eng Kéier ënnersträichen, fir eis prett ze maachen, fir déi nei Prozeduren do kënnen och wirklech ze erfëllen, fir datt mer net nëmmen herno e Gesetz hunn, wou eppes drasteet, wat e Recht ass fir déi Kanner, déi kommen, mee datt mer dat och kënnen schëlleren am Ministère, 30 Poste geschafte um Niveau vum SECAM, fir prett ze sinn. A mir hunn no dëse Prozesser, no dëse Prozeduren, wéi se hei beschriwwen sinn, eigentlech och schon an der Ukrain-Kris – wann een esou ka soen – fonctionéiert, fir de ganzen Oflaf och eng Kéier ze testen an ze kucken, ob dat och ka fonctionéieren am Fall vun engem groussen a massiven Afflux. A mir sinn eigentlech frou gewiescht, datt mer dee Service schon deementspriedend verbreedert haten an och aneschtens geschafft hunn dann dee Moment, fir deem och kënnen gerecht ze ginn.

De SIA – och dat vläicht nach eng Verständnisfro, déi gestallt gouf – ass en Deel vun der MO. D'MO, d'Maison de l'orientation, ass jo net e Service fir sech, wou alles an engem eenheetleche Service ass, mee et ass e Service, deen d'Koordinatioun mécht vu ganz villen anere Services. An natierlech ass de SIA och en Deel vun der MO, sou wéi de SECAM elo en Deel vun der MO war, d'selwecht wéi awer zum Beispill d'Studentenberodung vum Héichschoulministère och en Deel vun der MO ass a ganz vill aner Services aus mengem Ministère och dann do regroupéiert sinn. An d'MO selwer, d'Maison de l'orientation, ass e Service de coordination, fir do eng gemeinsam Offer, eng gemeinsam Informationsstell ze hu fir Jonker an awer och fir Erwuessener.

Ech kann Iech soen, datt d'Evaluatioun vun den öffentlichen europäesche Schoule wäert d'nächst Woch kënnen presentéiert ginn. An Dir sot mir – bei Ärem gefüllte Kalenner allerdéngs an och bei mengem –, wéini mer eis dann do beienesetzen. Dat kënnen sécherlech nach virun der Summerpauze maachen, fir eng Kéier mat der Universitéit doriwier ze kucken.

Et ass zu Recht hei drop higewise ginn, d'selwecht wéi am Bildungsbericht – an ech denken, an der Evaluatioun geschitt dat och nach eng Kéier –, datt mer feststellen, datt mer an den öffentlichen internationale Schoulen en anere sozioekonomischen Hannergrond an der Moyenne hu wéi generell. An dat fuerdert eis nach eng Kéier eraus fir ze kucken, datt all Kand och d'Chance huet, kënnen dohinner ze kommen, wann et da sënnavoll ass, wann et dann indiquéiert ass. A wa mer eis elo nëmmen zum Beispill bei deene Kanner, déi vu bausse bei eis kommen, drop baséieren, datt d'Elteren déi dote Recherche maachen a sech da bei der Schoul mellen, da riskéiere mer natierlech, datt mer net de Querschnitt vun der gesamter Schoulpopulatioun herno da wäerte representéiert hunn, mee just déi Kanner vun deenen Elteren, déi sech wirklech da schon am Virfeld, souguer éier se an d'Land kommen, do informéiert hunn a sécher waren: Ech kréien eng Plaz an där doter Schoul. Dat ass nach eng Kéier e staarkt Argument eigentlech, fir de SIA ze schafen an déi Prozedur, datt eigentlech all Kand och gekuckt gëtt, orientéiert gëtt an dann herno wa méiglech bei där Schoul och ënnerdaach kënnt, wou d'Chancen am beschte sinn, datt et seng Plaz wäert an eisem gesamte System fannen.

D'Fro ass gestallt ginn: „Zwee Joer, geet dat duer?“ Ech denken, dertëscht ass jo och d'Optioun emol, datt et eng Reevaluatioun ka ginn an eng Reorientatioun. Et muss een net onbedéngt zwee Joer waarde fir feststellen: „Dat Kand, dat accrochéiert do net“, an: „Mir haten eis vläicht geiert“, an: „Et ass vläicht enzwousch aneschtens besser“, oder: „Mir mussen nach eng Kéier nei ufänken.“

Ech denken awer och, mir dāerfen hei net de Reflex hunn, fir ze soen, et gëtt elo e Service, deen eng gesetzlech Basis huet, deen dat doten alles mécht, an d'Schoul brauch sech net weider a Fro ze stellen, fir méi integrativ, méi inklusiv och ze schaffen. Et muss hei eng Transitionssphas sinn, wou dee Service déi Begleitung do mécht, och emol eng Kéier kann eng Reorientatioun proposéieren, mee d'Schoul muss awer den Haaptdeel nach ëmmer vun den Efforte selwer maachen an och natierlech iergendwann eng Kéier eegestänneg do kënnen iwwerhuelen.

Ech wëll ofschléissend, Här President, ganz einfach nach all deene Leit Merci soen, déi bis elo déi Aufgab do gemaach hunn, am SECAM, op villen anere Plazen, och a ville Classe-d'accueillen, a ville Grondschoulen, a ville Lycéeën sech där doter Aufgab ugeholl hunn, prioritär ugeholl hunn, fir Schülerinnen a Schüler vu baussen opzehuelen, an déi dat mat enorm vill Härzblutt gemaach hunn an och muss weider maachen. Well et ass eng gesamtgesellschaftlech Aufgab, déi natierlech um Schoulsystem muss wouergeholl ginn, déi vun all Enseignant, all Educateur muss wouergeholl ginn, déi vun den Eltere muss wouergeholl ginn, mee déi awer och – esou wéi de Max Hengel et gesot huet, d'Josée Lorsché et gesot huet – vun eis allegueren eenzel do en Effort verlaangt, do, wou mer am Kontakt si mat Mënschen, déi vu bausse bei eis komm sinn, fir se och heiansdo mat op de Wee ze huelen, fir hir Plaz an eiser Gesellschaft ze fannen.

Villmools merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Educatiousminister Claude Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8069. Den Text steet am Document parlementaire 8069'.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8069 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. Wann ee wëllt mat ofstëmmen, da muss ee sech och op sengem Posten aloggen, ech wëll dat nach eng Kéier widderhuelen. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmmen, 3 Nee-Stëmmen an null Abstentionen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Haldorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Martine Hansen), Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Paul Galles), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Elisabeth Margue) et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Yves Cruchten), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloesener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. Marc Hansen), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

M. Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen dann zum Projet de loi 8108 iwwert d'Revalorisatioun vu verschiddene Gesondheetsberuffer.

Plusieurs voix | D'Motioun!

M. Fernand Etgen, Président | A jo, pardon. Ech sinn ëmmer ze schnell.

Motion 1

Mir müssen nach zur Motioun kommen, déi vum Här Max Hengel deposéiert ginn ass. An den Här Gilles Baum freet direkt d'Wuert.

M. Gilles Baum (DP), rapporteur | Merci fir d'Wuert, Här President. Merci dem Max Hengel an de Kollege vun der CSV fir dës Motioun. Ech fannen dat ganz gutt. Mir hunn dat dote jo scho bei anere Projet-de-loien och gemaach, dass mer gesot hunn: „Kommt, mir maachen eng Evaluatioun no dräi Joer.“ Dofir wäert ech menger Fraktioun proposéieren, dës Motioun matzedroen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Baum.

Ech mengen, da kënnen mer iwwert dës Motioun a main levée ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

Wien d'accord ass mat dëser Motioun, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun eestëmmeg ugeholl.

3. 8108 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 26 mars 1992 sur l'exercice et la revalorisation de certaines professions de santé

Da komme mer zum Projet de loi 8108 iwwert d'Revalorisatioun vu verschiddene Gesondheetsberuffer. An d'Madamm Rapportrice, d'Madamm Cécile Hemmen, ass scho prett.

Rapport de la Commission de la Santé et des Sports

Mme Cécile Hemmen (LSAP), rapportrice | Merci, Här President. Madamm Minister, léif Kolleeginnen, léif Kollegen, Dir hutt et bestëmmt schonn un der Längt an un der Komplexitéit vum schrëftleche Rapport gesinn, dass dës Gesetzesprojet net där einfachster een ass. Et war eng richtig Fläissaarbecht noutwendeg an duerfir sinn ech desto méi frou, dass dësen Text elo hei am Plenum virleie kann, well et bei dësem Gesetzesprojet esou war, dass d'Zäit géint eis gespillt huet. Dësen Text ass relativ technesch an den Enjeu ass ganz grouss.

Et geet dorëms, dass d'legal Basis, déi d'Attributiounen an den Accès zu enge ronn 20 Gesondheetsberuffer reegelt, bestoe bleift. Dir fannt d'Lëscht mat de Beruffer, déi betraff sinn, am schrëftleche Rapport. An hei si just e puer vun deene geleeftegste Beruffer, déi betraff sinn: Dat wieren den Infirmier, den Aide-soignant oder awer och d'Hiewamm.

Mee fänke mer vu vir un. De 4. Juni 2021 huet d'Verfassungsgericht en Urteel betreffend d'Gesetz vun 1992 iwwert den Exercice an d'Attributiounen vun enger Rei Gesondheetsberuffer geschwat. Laut deem Urteel vum Verfassungsgericht ass et net mat eiser Verfassung kompatibel, dass d'Attributiounen vun dëse ronn 20 Beruffer a groussherzogleche Reglementer niddergeschriwwen sinn. Si müssen och am Gesetz verankert sinn. Wann dann d'Urteel direkt a Kraaft getruede wier, hätt dat awer zur Konsequenz gehat, dass déi Bestëmmungen, wéi zum Beispill, wéi eng Ausbildung dass ee brauch, fir verschidde Beruffer auszuüben, net méi gültig gewiescht wieren. Dat selwecht gëllt fir d'Attributiounen. Dat heescht, wat déi verschidde Gesondheetsberuffer maachen dierfen a wat net, wier net méi reglementéiert gewiescht.

Fir e Vide juridique ze verhënnern, huet d'Gericht en Delai vun zwee Joer virgesinn, fir dës Situatioun ze redresséieren. An dësen Delai ass dann elo op den 30. Juni 2023 gesat ginn, an dat ass jo bekanntlech muer. Wann dës Projet elo haut gestëmmt gëtt, wouvun ech ausginn, muss de Staatsrot nach seng Dispens vum zweete Vott ginn an da gëtt den Text publizéiert. Mee mir krute verséichert, léif Kolleeginnen, léif Kollegen, dass dat klappe géif, fir dass den Text matzäit a Kraaft triede kann.

Firwat ass et dann elo eigentlech zum Schluss esou enk ginn? Ben, dofir gëtt et direkt e puer Ursachen. Ech mengen, et ass jo jiddwerengem kloer, dass de Santésministère 2021, wéi dëst Urteel geholl ginn ass, nach ëmmer staark mat de Pandemiemesure beschäftigt war.

Da muss een och wëssen, dass d'Regierung zum Deel zweegleiseg gefuer ass. Et ass nämlech eng gréisser Reform vun den Attributiounen vun de Gesondheetsberuffer virgesinn. Mee dat ass eng ganz laangwiereg Aufgab, déi och nach muss mam Terrain ofgekläert ginn. A vu de gewaltegen Aarbechtsopwand vun esou enger genereller Reform an och der Zäitlimit, déi vum Verwaltungsgericht gesat ginn ass, ass dunn decidéiert ginn, déi zwee Projeten ze trennen an hei – tëschent Guillemeten – „just“ déi besteeënd Attributiounen an d'Gesetz ze verankeren, dat eeben, fir de Vide juridique ze verhënnern.

A senger éischter Versioun vun dësem Projet hat de Ministère virgesinn, e gewëssenen Toilettage vun den Texter ze maachen, fir se unzepassen. Et muss ee wëssen, dass all déi groussherzogleche Reglementer net eenheetlech sinn, loin de là. Deen eelsten ass aus dem Joer 1969 an dee rezentsten ass grad eréischt e puer Joer al. Esou Upassungen hätten et erlaabt, den Text méi lieserlech ze maachen a verschidde Prozeduren ze harmoniséieren. Mee doduerch ass et awer och zu Ännerungen an den Texter komm.

Dat huet de Staatsrot a sengem éischten Avis, deen op de 16. Mee 2023 datéiert ass, bemängelt. Wann et zu Ännerungen kënn bei Beruffer, déi reglementéiert sinn, da muss, sou gesäit et e rezent Gesetz vum 2. November 2021 vir, en Examen de proportionnalité gemaach ginn. An dovunner ware laut Avis vum Staatsrot aacht Beruffer concernéiert. Ouni esou en Examen de proportionnalité hätt de Staatsrot seng Dispens vum zweete Vott net kënnen ginn. Hien huet dunn a sengem Avis geroden, vu den Zäitdrock, déi original Texter vun de groussherzogleche Reglementer méiglechst getrei an d'Gesetz ze iwwerhuelen. Well d'Zäit awer géint eis gespillt huet, ass dat och gemaach ginn. An dräi Fäll konnt dunn awer en Examen de proportionnalité gemaach ginn. Dëst war de Fall fir de Pédagogie curatif – hei war et esou, dass nach kee Règlement grand-ducal bestanen huet –, fir den Infirmier en anesthésie et réanimation a fir den Assistant technique médical de chirurgie.